

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamme Justizminister a Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op meng parl. Fro N°6098 vum 26.4.2022 iwwer d'Praxis vun de PMAen hei zu Lëtzebuerg schreiwten d'Madamme Minister: *Fir sämtlech Froen ze tranchéieren, déi an dëser parlamentarescher Fro opgeworf gi sinn, ass de Gesondheetsministère am gangen en Dossier opzestellen fir di national Ethikkommissioun ze befaassen, dëst am Virfeld vum Ausschaffen vun engem spezifeschen Gesetz. Déi Aarbechten hunn ewell ugefangen an sinn immens komplex wat mat sech bréngt dass dës nach Zäit brauchen bis se ofgeschloss ginn kënnen. Well sech puer vu meng Froen awer op aktuell Aspekter vun der PMA-Praxis hei zu Lëtzebuerg bezéien, wollt ech bei der Regierung nofroen:*

- 1) Wat geschitt am Ablack hei zu Lëtzebuerg mat "iwwerschësseg Embryonen"? Ginn et do spezifesche Reegelen? Wann nee, firwat huet d'Regierung an deem Beräich bis elo net legiferéiert? Wat mécht d'Regierung fir de Schutz vun dësen Embryonen? Kann d'Regierung confirméieren, dass dës Embryonen net fir d'Fuerschung benotzt ginn? Wéi positionéiert sech d'Regierung zum „don d'ovocytes“ an zum „don d'embryon“ (wann eng Koppel, déi hir PMA net weiderféiere wëll, well se beispillsweis gescheet gëtt oder sech trennt, oder wéinst „incapacité permanente de décision“, „hiren“ Embryo un eng aner Koppel weidergëtt), zwou Praktiken, déi hei am Land existéieren, awer bis elo net kloer gereegelt sinn?
- 2) Wat fir Reegele ginn am Ablack am Hibleck op preimplantatoresch a prenatal Ënnersichungen applizéiert?
- 3) Ass et fir Koppelen, déi eng PMA wënschen, verpflichtend, dass si iwwer d'Risiko vun esou enger medezinescher Prozedur genau Bescheid wëssen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser, Deputéierten

